



Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2020

**anert Format
relive aus der Kapell
Notre-Dame des Bois**

1. Mee-Feier um Neihaischen Bilschdref Kiermes op Christi-Himmelfart Scoutsresistenzdag

Léif Frënn alleguerten,

Schwéieren Häerzens, mais zum Wuel vun ons alleguerten, mussen mer déi dräi uewe genannten Aktivitéiten an hirer gewinnter Form fir dëst Joer ofsoen.

Well des Aktivitéiten awer ee wichtege Bestanddeel vun ons sinn, hu mer decidéiert fir dëst Joer eng Ersatzaktivitéit z'organisieren, un där jidferree vun doheem aus deelhuele kann:



Freides, den 1. Mee 2020 um 10h00 iwwerdroe mer iwwert lgs.lu, rtl.lu, cathol.lu a scotel.lu ee Wuertgottesdénsgscht aus onser **Kapell Notre-Dame des Bois**, zelebriert vum Här Abbé Pit Faber.

Dëse Wuertgottesdénsgscht steet ënnert dem Thema "Guiden- a Scoutsengagement". Agespillt gi Beispiller an Temoinage vu gelieftem Engagement, wéi zum Beispill d'bonne-Actions vum Verband während der aktueller Corona-Kris, d'Scoutsresistenzler am 2. Weltkrich, oder nach Engagementer, déi iwwert ee ganz Liewe ginn. De musikaleschen Encadrement steet ënnert der Leedung vum Christiane Wolter-Walisch.

Well ons traditionell Aktivitéiten dëst Joer jo ausfalen a mer awer weiderhi fir den Entretien vun onsen Nationale Formatiouns- an Animatiounszentren zu Bilschdref an um Neihaischen opkomme mussen, wëlle mer och een Appell lancieren, fir ons duerch een Don bei dëser Charge z'ënnerstëtzen. Doduerch dass mir d'Utilité publique hunn, sinn all dëss Donen si vun de Steieren ofsetzbar.



**Relais & Terrain de l'Amitié Bilschdref
LU37 0019 5355 6225 8000**

**Chalet Nic. Rollinger Neihaischen
LU30 1111 0294 1322 0000**

Mir soen am viraus villmools Merci fir all Ënnerstëtzung.

Hall dech gesond a bescht Guiden- a Scoutsgréiss,

Bruno Winter
President
LS an der Resistenz

Roland Kolten
President
Comité Bilschdref

Dan Godart
President
Comité Neihaischen

Eric Eifes
President
LGS a.s.b.l.